*Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Justin Turpel et Serge Urbany.*

Da ginn ech jo dovun aus, dass mer och d'Dispens vum zweete Vote ginn. Ass dat esou?

***(Assentiment)***

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann iwwergoen zu der Proposition de loi 6754, enger Ofännerung vum Wahlgesetz. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet de Rapporteur, den Här Roy Reding.

## 9. 6754 - Proposition de loi modifiant l'article 126 de la loi électorale modifiée du 18 février 2003

***Rapport de la Commission juridique***

**M. Roy Reding** *(ADR), rapporteur.*- Merci, Här President. Här Justizminister, Dir gesitt, Dir hutt lech gewënscht, datt d'Oppositioun méi oft de Rapporteur stellt. Är Wënsch ginn erfëllt.

Déi Proposition de loi, iwwert déi ech elo hei de Rapport maachen, ass eng Propositioun, déi sech emol eng Kéier mat eis als Deputéiert selwer beschäftegt. Den Objet vun der Propositioun ass, fir e Problem bei der Pensioun vu verschiddene vun eise Kolleeginnen a Kolleegen heibannen ze léisen.

Ech mengen, déi eng vun eis kommen aus dem Privatsecteur, si Salarié, Fräiberuffler, pensionéiert oder och - tëschent Gänseféiserchер - „nëmmen Deputéiert". Anerer kommen aus dem ëffentleche Secteur a sinn ënnert deem neie Pensiounsregime oder dem Iwwergangsregime. Bedéngt duerch déi verschidde Situatiounen hu mir och ganz verschidde Pensiounsregimmer.

Déi meescht vun ons hunn d'Méiglechkeet, fir op eng ganz Pensioun ze cotiséieren. Mir hunn awer och e puer Kolleegen a Kolleeginnen heibannen, déi nëmmen Deputéiert sinn an duerch déi eng oder aner gesetzlech Bestëmmung duerfir net kënnen zousätzlech cotiséieren an déi och also nëmme kënnen op d'Halschent vun hirer Indemnité parlementaire cotiséieren, an deenen hir Pensioun dann och deementspriechend méi kleng ass.

Dëse Problem ass zënter ganz Laangem bekannt an et ass vill driwwer diskutéiert ginn, hunn ech mer soe gelooss, an och geschriwwe ginn. An d'Resultat vun all deenen Diskussiounen huet säin Nidderschlag fonnt an dëser Proposition de loi, déi de 4. Dezember d'lescht Joer vun allen hei an der Chamber vertruedene Parteien ënnerschriwwe ginn ass.

Déi Proposition de loi gesäit vir, datt an Zukunft deen Deputéierten, dee wëllt, kann op der ganzer Indemnité parlementaire cotiséieren. Hie muss awer dann esouwuel d'Part salariale wéi och d'Part patronale bezuelen, esou datt fir de Budget vun der Chamber duerch dës Mesure keng zousätzlech Belaaschtung entsteet.

De Conseil d'État huet sech kritesch ausenanergesat mat dëser Propositioun. En huet a sengem Avis vum 24. Februar fir d'Éischt all déi bestehend gesetzlech Méiglechkeeten opgefouert, déi et am Abléck scho gëtt a wourënner déi meescht Deputéiert falen a fir déi och kee Problem besteet.

De Statsrot erkennt awer och un, datt e Problem fir verschidden Deputéiert besteet, an ass och bereet, fir déi eng Léisung ze fannen. Als problematesch huet de Statsrot ugesinn, datt an der Proposition de loi eng Léisung proposéiert gouf, déi en optionnelle Charakter huet, dat heescht, datt ee kann derfir optéieren. Duerfir hat de Statsrot en neien Text proposéiert, dee gesot huet, all Deputéierten, dee kee Revenu cotisable huet, misst dann op der ganzer Indemnité parlementaire eng Cotisatioun bezuelen.

D'Kommissioun huet no enger éischter Analys eigentlech wëllen dem Statsrot senger Propositioun suivéieren, well jo och domadder deene concernéierte Kolleegen hire Problem geléist gi wier. Mä et ass awer dunn opgefall, datt doduerch, datt de Statsrot a senger Propositioun schreift, datt all Deputéierten, dee kee Revenu cotisable huet, misst op där ganzer Indemnité parlementaire cotiséieren, en neie Problem géif geschafe gi fir déi Kolleegen a Kolleeginnen, déi am Abléck kee Problem hunn, awer och kee Revenu cotisable hunn.

Am Kloertext: En Deputéierten, dee schonns pensionéiert ass, oder en Deputéierten aus der Fonction publique, deen ënnert den Iwwergangsregime fält an d'office pensionéiert ass, huet kee Revenu cotisable an hätt also missen an Zukunft dann eng Cotisatioun bezuelen op seng ganz Indemnité parlementaire. Dat wier net nëmmen onlogesch, datt ee misst als Pensionär eng Cotisatioun bezuelen, ouni eppes dovunner ze hunn, mä et wier och eng nei Ongerechtegkeet gewiescht!

Well d'Propositioun vum Statsrot wuel de Problem vu verschiddene Kolleege behuewen hätt, gläichzäiteg awer nei Ongerechtegkeete geschafen hätt, ass d'Kommissioun erëm op hir ursprünglech Proposition de loi zréckkomm.

E weidere Punkt, dee vum Statsrot opgeworf ginn ass, war deen, ob et net méi opportun gewiescht wier, dësen Text an de Code de la sécurité sociale ze setzen amplaz an d'Loi électorale, wéi mer dat hei maachen. D'Kommissioun war awer der Meenung, well an der Loi électorale all d'Bestëmmungen stinn, wat den Deputéierten ugeet - seng Indemnitéiten, Pensiounen an esou weider -, sollt dat alles zesummen an engem Gesetz beienee bleiwen.

Et bleift nach ze soen, datt d'Entrée en vigueur vun dësem Text op den 1. Januar 2015 festgesat gouf. De Rapport ass an der Commission juridique vum 11. Mäerz eestëmmeg ugeholl ginn.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet a gi gläichzäiteg d'Zoustëmmung vun der ADR-Fraktioun.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Merci och dem Här Rapporteur. Da géif ech dem Här Wiseler als Éischtem d'Wuert ginn.

***Discussion générale***

**M. Claude Wiseler** *(CSV).*- Jo, just fir dem Här Reding Merci ze soe fir deen explizitte Rapport an d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun ze ginn. Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Merci dem Här Wiseler. Den Här Bodry.

**M. Alex Bodry** *(LSAP).*- Här President, léif Kolleegen, ech géif och den Accord brénge vu menger Fraktioun a Merci soe fir dee Rapport, deen hei virbruecht ginn ass. Ech wëll awer och bei där Geleeënheet hei ënnerstraichen, dass deen heite Projet weist, wéi schwiereg et ass, e kohärente System eigentlech vu Bezuelung an och vun Uspréch ze hunn, opgrond vun der Diversitéit vun de perséinleche Situatiounen, déi mer hei an der Chamber hunn.

Dat gëtt ëmmer erëm den Androck vun engem gewëssene Bricolage, dee mer amgaang sinn ze maachen, fir ze probéieren, a Form vun Équitéit eigentlech d'Regele festzeleeën. Woubäi awer, wéi gesot, d'Situatiounen esou grondverschidden heiansdo sinn, dass et schwéier ass, een deem anere gläichzestellen. Dat gëllt och fir deen heite Projet, wou probéiert gëtt, op eng spezifesch Situatioun hin ze reagéieren, wou ee riskéiert, deemno wat fir ee Wee dass mer gaange wären, op anere Plazen dann erëm en Déséquiliber eigentlech eranzekréien.

An eisen Aen ass déi eenzeg Léisung eigentlech op laang Siicht, fir do wierklech e kohärente System ze kréien, dass mer en eenheetleche Statut fir den Deputéierte kréien. Anescht, mengen ech, bréngе mer et ni fäerdeg, do eng uerdentlech Situatioun komplett hierzestellen.

Et ass an deem Sënn, wou mir eis och wéilte staark maachen.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Merci dem Här Bodry. D'Madame Loschetter.

**Mme Viviane Loschetter** *(déi gréng).*- Mir soen dem Här Reding Merci a ginn den Accord vun der gréngen Fraktioun zu dëser Proposition de loi.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Merci. D'Madame Beissel.

**Mme Simone Beissel** *(DP).*- Jo, Merci. Och eise Merci dem Här Reding fir säi schrëftleche a mëndleche Rapport. An heimat bréngen ech och den Accord vun der DP-Fraktioun.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Merci och der Madame Beissel. Dann den Här Turpel, wann ech mech net iren.

**M. Justin Turpel** *(déi Lénk).*- Jo, et ass egal, ob ech et elo soen oder herno beim Vote: Ech hat och dat virdru schonn ugekënnegt, datt mir eis wäerten enthalen. Ech wëll dat kuerz begrënnen. Dat, wat hei opgeworf gëtt, ass e reelle Problem - ech mengen, doriwwer si mer eis alleguerten eens -, deen och soll geléist ginn. A well et e reelle Problem ass an eng Léisung proposéiert ginn ass, hunn ech déi Léisung och mat ënnerschriwwen. An dofir gehéieren ech och zu deenen, déi d'Proposition de loi mat déposéiert hunn.

Ech muss awer soen, datt de Statsrot a sengem Avis eng Rei Froen an eng Rei Problemer opwërft, och vun Équitéit, wou e recht huet. An ech hu mech vum «il déconseille vivement de suivre cette voie», ech hu mech vum Statsrot beléiere gelooss, datt eigentlech de Problem esou net geléist ass.

De Problem ass awer deen, datt dat, wat de Statsrot proposéiert, och net funktionéiert. Ech mengen, do si mer eis och alleguerten eens. Doweinst ass am Fong geholl d'Majoritéit op déi éischt Propositioun zréckkomm, dobäi bliwwen. An ech fannen dat net gutt. Eigentlech brauche mer eng ganz aner Léisung. Ech mengen, den Alex Bodry huet dat och elo ugedeit, datt een eigentlech misst eng ëmfaassend aner Léisung hunn, wat awer an esou kuerzer Zäit net méiglech war.

Dofir wäerte mir eis enthalen a mir hoffen, datt mer schnell op déi Problematik esou kënnen zréckkommen, datt mer d'Équitéit vun alle Leit, déi zu Lëtzebuerg schaffen, kënne wahren.

Ech soen lech Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Merci och. Domat wäre mer um Enn vun der Diskussioun ukomm a mir géifen iwwert den Ensembel vun der Proposition de loi 6754 ofstëmmen.

***Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 6754 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwwer.

D'Proposition de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen, bei 2 Enthalungen ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

*Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.*

An déi klassesch Fro: Gitt Der d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote?

***(Assentiment)***

Si ass ginn. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir géifen dann zu eisem nächsten a leschte Punkt fir de Mëtteg kommen, dat ass en Ännerungsvirschlag un eisem Chambersreglement, en Ännerungsantrag, dee méi speziell d'Petitiounsrecht betrëfft. An ech ginn dann direkt dem Rapporteur, dem Här Marco Schank, d'Wuert fir d'Presentatioun vun där Ännerung.

## 10. 6690 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à l'introduction d'un système de pétition publique

***Rapport de la Commission du Règlement***

**M. Marco Schank** *(CSV), rapporteur.*- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'Éischt wollt ech soen, datt dës Propositioun, fir eist Chambersreglement ëmzeänneren, den 12. Mee 2014 an der Chamber déposéiert gouf, an deen Text ass déi alleréischte Kéier vun der Reglementskommissioun de 25. Juni 2014 examinéiert ginn.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Just ee Moment. Ech géif d'Kolleege bieden, dem honorabele Rapporteur Marco Schank nozelauschteren. Ech weess, dass et och hei am Haus wichteg Diskussioune ginn, mä déi kënnen awer och op enger anerer Plaz gefouert ginn.

Merci.

**M. Marco Schank** *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President. De 25. Juni, wéi gesot, d'lescht Joer ass déi éischte Kéier deen Text an der Reglementskommissioun gekuckt ginn. An duerno ass en diskutéiert ginn an amendéiert gi vun der Petitiounskommissioun an net manner wéi fënnef Sëtzungen, an zwar tëschent September 2014 a Februar 2015.

Déi Amendementer sinn duerno, nodeem datt se och eestëmmeg ugeholl goufen an der Petitiounskommissioun, virugereecht ginn un d'Reglementskommissioun, an zwar mat Courrier vum 4. Februar dëst Joer, an den 12. Mäerz, dat heescht d'lescht Woch, ass de Rapport, deen Der virleien hutt, dunn och vun der Reglementskommissioun eestëmmeg adoptéiert ginn.

Den Objet vun dëser Reglementsännerung ass en duebelen: fir d'Éischt emol, fir d'Pétition publique an d'Reglement anzeschreiwen, an zweetens, fir eben och eng Partie Regelen ze klären, déi applikabel sinn, wat insgesamt, generell d'Petitiounsrecht ugeet. An zwar ginn do dräi Artikelen ugepasst aus eisem Reglement: den 154, den 155 an en neien Artikel 155bis.

Als Éischt, mengen ech, ass wichteg festzehalen, datt et een eenzegt Petitiounsrecht gëtt. Et gi keng zwee oder dräi. Et gëtt eent, awer mat zwou Modalitéiten, wat d'Instruktioun vun deemselwechten ubelaangt. Dat heescht, engersäits huet de Pétitionnaire d'Méiglechkeet an de Choix, fir eng normal - ech kommen nach drop ze schwätzen -, eng sougenannt „Pétition ordinaire" ze wielen, dat ass déi traditionell Prozedur, respektiv huet en d'Méiglechkeet, eng Pétition publique ze maachen, wou en dann duerno och d'Méiglechkeet, wann e gewësse Konditiounen erfëllt, vun engem Débat public an der Chamber, an der Plénière kritt.

Fir d'Éischt ee Wuert zur Pétition ordinaire. Do ass et esou, datt mir och däitlech gemaach hunn als Kommissioun, als Petitiounskommissioun, datt mir un deem einfache Petitiounsrecht wëlle festhalen, datt et méiglech muss sinn, datt ee Mënsch op enger - ech soen emol -, op enger Fatz Pabeier seng Revendicatioun kann un d'Chamber stellen, mat senger Ënnerschrëft a mat soss kenger, ouni iergendwelch Konditiounen, wat d'Form ubelaangt, keng Konditiounen, wat den Dépôt ubelaangt, keng Konditioun, wat den Alter vun dem Pétitionnaire ubelaangt, keng Konditioun, wat de Contrôle oder den Délai ubelaangt. Also: keng Konditioun, wat d'Form ubelaangt.

Allerdéngs, et gëtt eng eenzeg Konditioun, dat ass eng inhaltlech: Et muss ëmmer den Intérêt général gewährleescht sinn. Et kann net sinn, datt een individuell Intérêten do an de Mëttelpunkt stellt.

Dofir huet d'Kommissioun vun de Petitiounen och däitlech gemaach: D'Petitiounsrecht ass e Moyen élémentaire fir d'Biergerinnen an d'Bierger, fir datt se sech un d'Autoritéite kënne wenden an hir Cause vertriede respektiv se weidergefouert kréien.

D'Pétition publique, par contre, gëtt zënter dem Abrëll d'lescht Joer hei vun der Chamber praktizéiert. An do ass et esou, datt jo just um Internet, also als Online-Petitioun déi Petitioun eragereecht konnt ginn. Dat heescht, et koumen och eng Partie Kritiken, wou gesot ginn ass: „Majo, elo ass et awer net méiglech, datt een och um Pabeier kann en Débat public erreechen." An d'Fraktiounen hu sech och d'accord erklärt, alleguerten, fir ze soen: „Majo, mir wëllen dat änneren." An dofir ass d'Kommissioun higaangen, d'Petitiounskommissioun, an huet gesot: „Mir wëllen d'Viraussetzunge schafen, datt een och e Cumul ka fäerdegbréngen." Awer mir hunn och profitéiert, fir vun deenen zéng Méint déi Erfahrung, déi gesammelt gouf mat de Petitiounen, fir déi och anzeschreiwen.

Et ass also eng Serie vun Amendementer komm. Ech wäert elo just déi wichtegst nennen. Ech gi virun allem op den Artikel 155bis an.

Wie kann en Dépôt maachen? All Persoun, déi am Registre national des personnes physiques agedroen ass, déi wéinstens den Alter vu 15 Joer huet, kann dat maachen. Si ginn op engem spezifesche Formulaire - dat ass de Paragraf 2 -, deen disponibel ass um Site Internet, eragereecht.

Den drëtte Paragraf seet däitlech, datt den Intérêt général muss gi sinn - dat hunn ech virdrun erwähnt - an datt de Pétitionnaire och gehalen ass, genee ze argumentéieren, wat seng Petitioun soll, an eventuell se och motivéieren. An do hu mer en Délai ageschriwwen, deen hate mer am Ufank net, fir datt awer de Pétitionnaire reagéiert, datt mer net waarden a waarden an et kënnt keng Reaktioun méi. Dat, mengen ech, ass ganz wichteg gewiescht.

Dann ass et och esou, datt d'Conférence des Présidents Juge ass vun der Recevabilitéit, am Endeffekt op Avis vun der Petitiounskommissioun, an de Pétitionnaire gëtt och informéiert dann iwwert d'Décisioun vun der Conférence des Présidents.

## Chambre des Députés

**Compte rendu officiel**

**Supplément commun aux quotidiens:**
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

**Contenu rédactionnel:**
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

**Conception, saisie de texte et mise en page:**
Espace Médias S.A. / Polygraphic S.A., Differdange

**Concept et coordination générale:**
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

**Imprimeries**
Saint-Paul Luxembourg S.A. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress S.A. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette


De Paragraf 4 seet, datt d'Pétition publique op ass, fir ënnerschriwwen ze ginn, während 42 Deeg an datt gläichzäiteg eng Plattform stattfënnt, dat heescht, e Forum, wou diskutéiert ka ginn am Kontext vum Sujet vun därselwechter Petitioun.

Dann d'Fro am Paragraf 4: Wien däerf ënnerschreiwen? Do sinn et déiselwecht Konditioune wéi bei deem, deen den Dépôt däerf maachen: och ageschriwwen ze sinn am Registre national des personnes physiques, an en Alter vu 15 Joer ass virginn. An da ginn den Numm, de Virnumm, dann de Wunnuert vum Signataire publizéiert, et sief dann, deeselwechte wëllt dat net, da kann et maskéiert ginn. Dat heescht, d'Chamber weess, wien ënnerschriwwen huet, awer um Internet fënnt sech dat net erëm.

Dann, kuerz zum Pabeier: Parallell zu der Online-Petitioun ass et da méiglech, mat eisen Amendementer an der Propositioun, fir mat engem spezielle Formulaire an Zukunft dann e Cumul ze maachen, oder eventuell nëmmen um Pabeier, fir dann och den Débat public ze erreechen. Op deem spezielle Formulaire sinn d'Nummer vun der Petitioun an den Intitulé do virginn. A fir d'Pétition publique um Pabeier gëllen déiselwecht Konditioune wéi fir d'Online-Petitioun: den Alter, ageschriwwen ze sinn an dem Registre national des personnes physiques, an och den Délai vun 42 Deeg ass genau deeselwechten, an och de Contrôle - do soen ech nach e Wuert derzou - ass genau deeselwechten.

Déi Ënnerschrëften, déi awer geleescht ginn um Pabeier während deenen 42 Deeg, déi figuréieren natierlech net um Internet. Well jo, par la force des choses, eréischt no sechs Wochen d'Ënnerschrëften um Pabeier wäerte virleien.

Am Paragraf 6 selbstverständlech ee Saz: datt eng Pétition publique nëmme vun (veuillez lire: nëmmen eemol vun) enger selwechter Persoun däerf ënnerschriwwe ginn.

De Paragraf 7: D'Chamber ass autoriséiert, fir e Contrôle ze maachen. Si mécht deen och. Si mécht en och elo scho bei den Online-Petitiounen, Échantillonen zwëschen 10% an 20%, och emol méi, wann et no un deene 4.500 drun ass, wann et net wäit driwwer ass, fir sécher ze sinn, datt alles korrekt leeft.

A wann eng Pétition publique dann de Seuil vu 4.500 Ënnerschrëften erreecht, da fënnt an der Chamber hei an der Plénière eng Réunion jointe statt, wou e Maximum vu sechs Pétitionnairen derbäi ass, wou d'Ressortkommissioune mat der Petitiounskommissioun zesummen derbäi sinn, plus d'Regierungsvertrieder entspriechend dem Objet vun där Petitioun.

Et fënnt en Débat public statt, een Deel ëffentlech, eng Stonn, wou dann och déi verschidden Akteuren optrieden, an eng hallef Stonn non public, wou dann d'Konklusioune gezu ginn, fir datt een och virukënnt an där Cause, ënner Ëmstänn, a wou sech dann d'Deputéiert eens maachen. Do derbäi gëtt dann deen Débat public vun der Televisioun vun der Chamber iwwerdroen, respektiv d'Press ass och derbäi, ouni awer elo an den Débat anzegräifen.

Dann, wann een dee Seuil vu 4.500 Ënnerschrëften net erreecht, ass et esou, datt de Pétitionnaire gefrot gëtt, ob e wëllt, datt d'Instruktioun vu senger Petitioun virugeet. Wann en dat net wëllt oder en net äntwert an engem gewëssen Délai, dann hale mir stall, da soe mir: „Hei, elo clôturéiere mer déi Petitioun." Wann net, gëtt se wéi eng Pétition ordinaire natierlech weidergefouert, mat all deene Mesuren, déi mir kënnen huelen, fir datselwecht ze erreechen, ob ee mat de Ressortkommissioune schwätzt respektiv ob een eng Prise de position vum Minister oder der Ministesch freet, an aner Méiglechkeeten.

Da wollt ech soen, datt mer op de Kritär vun dem Intérêt national renoncéiert hunn, datt eleng den Intérêt général spillt an datt dee Kritär och d'selwecht ass fir déi zwou Kategorië vu Petitiounen.

Domat, mengen ech, wier dat Wichtegst zum Pabeier gesot. Vläicht nach ee Saz, deen net onwesentlech ass: datt mir als Kommissioun, als Petitiounskommissioun via eist Sekretariat wierklech op d'Leit duerginn. Dat heescht, wann ee Problemer huet - zum Beispill och elo an Zukunft mat där neier Méiglechkeet um Pabeier -, dann déi Petitioun ze maachen, u sech gëtt den Dépôt ëmmer iwwer Internet gemaach, wann een domadder Schwieregkeeten huet, kann e sech un eist Sekretariat wennen, da maache mir dat fir deeselwechten. Hie kann heihinnerkommen. Mir maachen dann den Dépôt fir hien, well dee muss gemaach ginn, schonn eleng wéinst der Plattform vun den Diskussiounen, déi jo solle lafe während där Kommissioun (veuillez lire: während där Zäit). Dat heescht, mir encadréieren d'Leit do wierklech ganz staark.

Ee Saz zum Contrôle. Mir hunn eis do un der Initiative citoyenne vun der Europäescher Unioun inspiréiert, déi och e System huet. Dat heescht, an Zukunft steet um spezielle Formulaire, deen d'Leit da kréien, ënner anerem de Gebuertsdatum drop an de Code postal. Déi ginn ofgeglach vum Scanner, well d'Maschinn besser Zuelen erkennt wéi Buschtawen. Mir hu gesot kritt, datt mer do eng Fiabilitéit vun zwësche 85% a 95% wäerten hunn. An ech mengen, dat gëtt eis do eng gewëss Sécherheet.

Dann dee Moment, wou d'Ënnerschrëften opgi fir d'Petitioun, gëtt dee Formulaire un de Pétitionnaire adresséiert iwwer Internet. Wann dat net geet, kann en och vun eis hei ee kréien, respektiv wa se zréckkommen no 42 Deeg, kann dat och iwwer Internet gemaach ginn oder mat normalem Courrier oder d'Leit kënnen eis hir Pabeierënnerschrëften zu där Petitioun och hei an d'Chamber an d'Sekretariat bréngen.

Vläicht nach ee Saz zur Technik, well dat relativ vill Opwand ass, fir den Outil vun der Informatik esou wäit ze kréien, datt mer dat do alles kënne reibungslos lafe loossen. Dat dauert bis Mëtt Mee, gëtt geschat, dat heescht, dofir hu mer och an der Proposition de modification vum Reglement virgesinn, datt d'Entrée en vigueur décaléiert gëtt, an zwar op den 1. Juni 2015.

Zum Schluss wollt ech als Éischt menge Kolleeginnen a Kolleegen an der Petitiounskommissioun Merci soe fir virun allem déi gutt Diskussiounen, déi mer haten am Kontext vun der Evaluatioun vum System vun der ëffentlecher Petitioun. Och wann dat net ëmmer esou einfach ass, war et eng ganz konstruktiv (veuillez lire: konstruktiv Approche) an am Endeffekt och eng Eestëmmegkeet bei der Propositioun vun deenen Amendementer - do sinn ech ganz houfreg drop! -, no ëmmerhi fënnef Kommissiounssëtzungen.

Dann deen zweete Merci, ech mengen, dee gëllt eisem Sekretariat, den Dammen Anne Tescher a Vera Haas, déi och hir Experienzen abruecht hunn an déi Modifikatiounen, déi mer haut proposéiere fir d'Chambersreglement, an déi och direkt mat de Pétitionnairen am Kontakt stinn. An ech mengen, datt dat och een Aspekt vu Biergerbedeelegung ass, wann d'Chamber direkt mat de Leit schwätzt. Dat geet jo net ëmmer iwwer E-Mail oder Courrier, do gëtt och den Telefon geholl, fir d'Saache kloerzemaachen. An ech mengen, datt dat och de richtege Wee ass.

Just zwou Zuelen: Zënter dem Abrëll, zënter datt d'Online-Petitioune lafen, hu mer 151 ëffentlech Petitiounen erakritt. Dovunner sinn der just 19 irrecevabel deklaréiert ginn. Fënnef vun deene Petitiounen hunn et gepackt, fir iwwert de Seuil vu 4.500 Ënnerschrëften ze kommen. An déi goufen och hei debattéiert. Dovunner waren der dräi, déi mam Déiereschutz ze dinn haten. Dann hate mer nach eng géint den Tram a mir haten och eng iwwert d'School, iwwert d'Bourses d'études.

Vläicht dann nach ee Saz. Natierlech kann een iwwert déi eng oder aner Petitioun och emol de Kapp rëselen oder schmunzelen. Nach ass et net un eis Volleksvertrieder, fir ze jugéieren, wat de Leit dobausse wichteg respektiv net wichteg ass. Au contraire, mir Deputéiert ginn, mengen ech, iwwert déi Petitiounen och gewuer, wou de Leit de Schung dréckt. An donieft kënne jo och déi Petitiounen Ureegunge liwwere fir eis Aarbecht, d'Aarbecht vun den Deputéierten, fir eventuell eis national Legislatioun ze verbesseren.

A beim allergréissten Deel vun deene Petitiounen, déi mer kruten, do spiert een, datt d'Leit eigentlech ganz genee observéieren, wat d'Chamber mécht, wat d'Regierung mécht, a si wëlle sech iwwert dee Wee vun enger Petitioun och abréngen. Mä et ass eis Aufgab als Chamber, a besonnesch déi vun der Petitiounskommissioun, fir de Biergerinnen a Bierger ze hëllefen, hir Cause, hir Doléancen ze thematiséieren an hinnen eben och Gehéier ze verschafe mat all deene Mesuren, déi eis zur Verfügung stinn. An do ass och d'Regierung gefuerdert, hiren Deel bäizedroen.

Mat där neier ëffentlecher Petitioun ass eis Chamber méi no bei d'Leit geréckelt, ganz sécher, no un d'Uleies vun de Leit, no un d'Stëmm vum Vollek, wann ech dat däerf soen. An ech mengen, datt dat och der Institutioun Chamber ganz gutt zu Gesiicht steet.

Zum Schluss dofir den Accord vu menger Fraktioun fir d'Ofännerung vum Chambersreglement, wéi ech se elo proposéiert hunn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Merci och dem Här Rapporteur, dee gläichzäiteg och President vun der Petitiounskommissioun ass. A mir géifen da mam éischte Riedner, dem Här Roger Negri, ufänken.

***Discussion générale***

**M. Roger Negri** *(LSAP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt och e grousse Merci un de Rapporteur Marco Schank fir säin exzellente Rapport an och seng Presentatioun hei. Mä awer och e Merci un hien als President vun der Petitiounskommissioun, wou ëmmer vill an och oft kontradiktoresch diskutéiert gëtt - dat ass jo och gutt esou -, mä wou hien et awer mat vill Fangerspëtzegefill ëmmer fäerdegbréngt, dass mer herno mat enger Meenung zur Dier erausginn. An duerfir villmools Merci un hien!

D'Pétition publique, déi mer elo lancéiert hu säit engem Joer, ass wierklech e gutt Instrument an e weidere Wee zu enger méi participativer Demokratie. A virun allem och d'Zesummeschloen, dass dat elo méiglech ass och a Pabeierform, ass sënnvoll an deem Sënn vu méi Demokratie, virun allem, well et jo och eng aner Form erméiglecht: Wann zum Beispill Ënnerschrëfte gesammelt ginn, kann een dat dann och maachen, wéi dat fréier üüblech war, dass een do seng Ënnerschrëft gëtt, quitte dass een, wéi de Rapporteur elo gesot huet, dee Formulaire vun der Chamber muss gebrauchen. Mä dat ass jo da kee Problem.

A wa mer déi neit Instrumenter elo och informatesch dann am Juni a Betrib kënnen huelen, mengen ech, ass dat eng zousätzlech Mesure, wou mer dann herno op deemselwechte Wee, wéi de Rapporteur gesot huet, zu enger Petitioun zréckkommen.

Wat ech awer och gutt fannen, dat ass, dass wierklech de Pétitionnaire, deen net déi 4.500 Ënnerschrëfte kritt, d'Méiglechkeet huet, selwer doriwwer ze décidéieren, innerhalb vun engem Mount, seng Petitioun kënne weiderlafen ze loossen als normal Petititoun, Pétition ordinaire, oder se awer zréckzezéien, wann en zum Beispill net ganz vill Ënnerschrëfte kritt huet.

An deem Sënn, mengen ech, hu mer jo och an der Commission du Règlement festgehalen, dass den opportune Moment, wéini eng Pétition publique op de Site gesat gëtt, dass mer dat nach eng Kéier an der Kommissioun vun de Petitioune géifen diskutéieren. Domadder, mengen ech, sti mer voll hannert deem Instrument.

Ech mengen, et ass och ganz kloer, dass d'Kommissiounsreglement vun de Petitioune wäert e liewegt Dokument bleiwen, un deem mer mat der Zäit opgrond vun deenen Erfahrungen, déi mer wäerte maachen, och nach déi eng oder aner Ëmännerung wäerte maachen.

An deem Sënn gi mer ganz gär den Accord zu dëser Reglementsëmännerung.

Villmools Merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Merci och dem Här Negri. Nächste Riedner ass de Max Hahn.

**M. Max Hahn** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, fir d'Alleréischt wëll ech och dann dem President vun der Petitiounskommissioun an zäitgläich och dem Rapporteur Merci soe fir säi ganz gudde mëndlechen, awer och schrëftleche Rapport.

Et kënnt also elo zu Upassungen, wat d'reglementaresch Basis vum Petitiounssystem ugeet. Firwat kënnt dat? Dat ass, well mer eis eigentlech an der Petitiounskommissioun vun Ufank u gesot hunn, dass mer wëllten esou eng Aart Testphas der Petitioun ginn, fir ze kucken, wéi de Petitiounssystem sech dobaussen um Terrain da géif weisen.

Mir hunn also Erfahrunge gesammelt. Mir hu gesinn, wéi eng Dispositiounen d'Strooss gehalen hunn. Mir hunn awer och gesinn, wou nach misst nogebessert ginn.

Regele ginn, dat ass wichteg, net nëmmen hei fir d'Petitiounen. Mä et ass wichteg, fir dass mer ee wéi deen anere behandelen, dass mer eis Regele ginn, un déi mer eis dann och halen. Dat vermeit, dass et zu onnëtzen Diskussioune kënnt, voire zu Frustratiounen.

Eng ganz grouss Neierung an deem heite Kontext ass sécherlech de Cumul vun den Ënnerschrëften, dass mer eigentlech déi elektronesch an d'Pabeierënnerschrëfte kënnen zesummeleeën. An dat vermeit sécherlech och, dass et zu esou Fäll kënnt, wéi mer der leider an der Vergaangenheet och an eiser sougenannter „Testphas" dann haten, wou d'Pétitionnairë souguer virun den Tribunal administratif gaange sinn.

Den neie Petitiounssystem ass sécherlech eng ganz gutt Saach, wat d'Richtung vu méi Biergerparticipatioun ugeet. De Bierger kritt et net nëmme méi einfach, fir eng Petitioun ze ënnerschreiwen, mä souguer de Pétitionnaire kritt et méi einfach, fir fir seng Petitioun och Reklamm ze maachen. Dat Ganzt gëtt eigentlech ganz flott gemaach iwwer sougenannten „share buttons", wou een dann iwwer Facebook an Twitter och déi sozial Netzwierker ka mat abezéien.

Op där anerer Säit selbstverständlech, fir déi Leit, déi elo vläicht net esou bewandert sinn an allem, wat de Computer ugeet, kann een dann, wéi de Rapporteur elo gesot huet, virgefertegt Pabeiersformulairë kréien, déi ee sech souguer noutfalls - wann een dann emol net de Moyen hätt, fir sech iwwert de Computer dee virgefertegte Formulaire auszedrécken - kann hei vum zoustännege Personal vun der zoustänneger Chamberskommissioun ausdrécke loossen.

Dat heescht, Dir gesitt, et ass eigentlech un alles geduecht ginn, an ech denken, dass dat sécherlech dozou wäert féieren, dass mer och an noer Zukunft nach vill flott Débaten hei wäerte kënne féieren. De President huet et gesot, de President vun der zoustänneger Chamberskommissioun: Mir hate fënnef Débaten heibannen.

Ech wëll awer vläicht eppes ënnerstraichen. De Marco Schank, de Rapporteur, huet virdrun dovu geschwat, dass bei där enger oder anerer Petitioun, déi emol eragereecht gëtt, een da vläicht muss schmunzelen. Ech ginn dem Rapporteur do op alle Fall recht. An ech ginn em awer och recht a senger Konklusioun, dass et eigentlech net un eis als Deputéiert ass ze jugéieren, ob eng Petitioun elo vläicht sënnvoll ass oder manner sënnvoll. Dat ass un de Leit dobaussen. A mir hunn e Seuil vu 4.500 Ënnerschrëften, déi musse gesammelt ginn. Ginn déi 4.500 Ënnerschrëfte gesammelt - selbstverständlech wann d'Konditiounen erfëllt gi sinn -, da féiert dat zu engem Débat.

Et däerf een awer net mengen, dass, wann een en Débat hei an der Chamber zu welchem Thema och ëmmer huet, dass eleng d'Erreeche vun deem Seuil vu 4.500 Ënnerschrëften dozou géif féieren, dass och d'Deputéiert da mat der Positioun vun de Pétitionnairen averstane sinn. Ech denken do beispillsweis un den Débat, dee mer haten iwwert den Tram.

Dir Dammen, Dir Hären, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren. Nach eng Kéier, ech freeë mech op nach vill interessant Débaten an noer Zukunft, well Petitiounen an d'Weeër ze leede gëtt, denken ech, duerch dee Vote hei méi einfach a méi interessant.

An ech géif dann heimat och den Accord vun der Demokratescher Partei ginn a soen Iech nach eng Kéier Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Hahn. Nächste Riedner ass den Här Roberto Traversini.

**M. Roberto Traversini** *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Och vun eiser Säit: Merci, Marco Schank! De Rapport war exzellent, esou wéi s de och deng Kommissioun féiers. Déi Diskussiounen, déi mer do hunn, si wierklech net ëmmer einfach. Mä et ass awer ganz, ganz flott, do matzeschaffen.

Op alle Fall, ech mengen, datt alles gesot ginn ass vun lech an och vum Här Hahn an och vun eise Kolleegen, dofir ginn ech den Accord vun der gréngen Fraktioun. An, wéi gesot, ech wënschen nach flott Débaten an eiser Kommissioun.

**Mme Viviane Loschetter** *(déi gréng)*.- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll och ausdrécklech dem Kolleeg Marco Schank Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. An ech géif, mengen ech, an deem Merci déi ganz Membere vun der Petitiounskommissioun mat aschléissen, déi hei mam Personal zesumme relativ séier eng ganz gutt Aarbecht gemaach hunn.

Haut gi mer am Fong deem Petitiounsrecht, dat mer de Leit zënter enger längerer Zäit oder elo annerhallwem Joer ginn hunn, eng legal Basis doduerch, datt mer d'Prozeduren an d'Bestëmmungen, wat déi Petitioun ubelaangt, an eist Reglement abauen.

Bis elo ass dat am Fong esou eng Erfahrungsphas gewiescht, wat do opgrond vun engem Accord, engem Text, dee festgehale gi war an der Petitiounskommissioun, fonctionnéiert huet. Mä, wéi gesot, et hat nach keng legal Basis. Dat kritt et elo haut mat deem Vote hei, deem mir och als ADR wäerte selbstverständlech zoustëmmen.

Ech mengen, wa mer eng Rei vun Zäit haten, wou mer elo eng gewëssen Erfahrung gemaach hunn, dann hat dat scho säi Wäert, datt mer eis déi Zäit geholl hunn, ier mer en definitiven Text gemaach hunn.

Den Ausléiser, mengen ech, fir eng nei Diskussioun ass am Fong gi ginn, nodeem mer eng Rei vu Petitioune lafen haten an dunn zum Beispill bei der Petitioun iwwert de Schutz vum Kand déi Organisateuren iwwer 4.500 Ënnerschrëfte kruten; mä si krute se net iwwer eisen elektronesche System, mä si hunn och iwwer Petitiounen, déi si selwer gemaach hunn, Ënnerschrëfte gesammelt.

Dat huet natierlech dunn zu enger Diskussioun gefouert, well engersäits hei vun der Petitiounskommissioun argumentéiert ginn ass, datt laut deem bestehenden Text, deen zu där Zäit en vigueur war, am Fong nëmmen déi elektronesch agereechten Ënnerschrëfte kéinte geholl ginn. An et koum dunn zu där Diskussioun an zu deem Sträit, dee komm ass. An déi Leit sinn dunn am Fong och enttäuscht gewiescht, datt hir iwwer 4.500 Ënnerschrëften awer net an dës Prozedur erakomm sinn an datt si am Fong dann an enger Kommissiounssëtzung méi einfach - wéi soll ech soen? - „ofgespeist" si ginn.

Dat Ganzt huet awer dozou gefouert, datt d'Petitiounskommissioun hir Texter dunn iwwerschafft huet. An ech mengen, d'Resultat, wat mer haut virleien hunn, wat am Fong dann de Cumul virgesäit vun den elektroneschen Ënnerschrëfte mat deene Pétitions publiques, déi um Pabeier gemaach ginn, ass e gudde Fortschrëtt, andeem mer hei am Fong de Leit d'Méiglechkeet ginn, souwuel iwwert deen ee Wee wéi iwwert deen aneren Ënnerschrëften ze sammelen. A wa se dann op hir 4.500 kommen, dann huet déi Petitioun dann och de Quorum erreecht, fir datt se kann an enger ëffentlecher Sëtzung hei debattéiert ginn.

Ech wollt awer nach e puer Wuert schwätzen: Well mer eis och elo eens sinn iwwert d'Wichtegkeet vun deene Petitiounen an datt et och net automatesch ass, datt d'Parlament oder d'Deputéiert oder d'Parteien mussen d'Meenung vun de Pétitionnairen iwwerhuelen, musse mer dach awer oppassen, net datt mer de Leit elo hei d'Méiglechkeet ginn, Petitiounen ze kréien, an datt d'Petitiounen och d'Zuel vu 4.500 erreechen, an datt systematesch näischt geschitt! Well da si mer an enger Situatioun, wou d'Leit och soen: „Ma firwat huet dat Ganzt nach e Wäert? Elo däerfe mer wuel eng Petitioun maachen, mä et kënnt kee Feedback dovun!"

An ech mengen, duerfir musse mer eis och eiser Responsabilitéit als Politiker bewosst sinn, quitte datt net ëmmer kann direkt reagéiert ginn. Dat huet vläicht a spéidere Projeten, et huet och vläicht eréischt spéider a Wahlprogramme vun de Parteien en Afloss. Mä dann ass jo awer eppes bewierkt ginn an der Politik, datt dat säi Wee hëlt, wéi och vill aner Projeten hir Zäit brauchen.

Et ass also eiser Meenung no wichteg, datt mer de Leit net herno iergendwéi d'Gefill ginn, datt dat just eng Alibipetitioun wier, mä datt och wierklech e Suivi hannendrukënnt.

Ech huelen och en anere Punkt, mengen ech, wat mer net däerfe maachen, wéi zum Beispill bei deem Débat public iwwert d'Petitioun vum Tram, wou dunn am Fong d'Regierung, de Minister hei war an eng hallef Stonn eng Virféierung an eng Propaganda fir säi Projet gemaach huet!

Ech mengen, och dat däerf et menger Meenung no net sinn, well déi Petitioun, déi riicht sech a priori un d'Chamber! Et ass also d'Chamber, déi un éischter Stell muss mat de Pétitionnairen an den Dialog kommen. An et kann net sinn, datt dann d'Regierung heihinnerkënnt an dann een Débat dominéiert. Och do, mengen ech, musse mer aus deem, wat mer do erlieft hunn, déi néideg Responsabilitéiten huelen, wa mer dat zesumme maachen.

Mir hunn elo wierklech d'Instrument an esou e Kader gesat, datt dat wierklech kann elo gutt fonctionnéieren. Et ass elo un ons zesummen och, fir ze kucken, datt dat do eng positiv Suite kënnt an datt dat wierklech zu deem féiert, woufir mir aus Iwwerzeegung alleguer heibannen et agefouert hunn!

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Gibéryen. An d'Wuert huet elo de leschte Riedner, den Här Turpel.

**M. Justin Turpel** *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi Pétition publique, déi agefouert ginn ass, ass eng gutt Saach. Ech mengen, doriwwer si mer eis alleguerten eens. Et hunn eng Rei Débat-publicke stattfonnt an och déi sinn eng Beräicherung vun eisen Diskussiounen.

Ech muss soen: D'Petitiounskommissioun ass eng ganz äerdeg an eng ganz aktiv Kommissioun ënnert dem Marco Schank senger Presidentschaft, deen dat wierklech ganz flott mécht, mat ganz flottem Austausch, ganz liewegen Debatten an och wichtegen Erfahrungen, déi eis alleguerten zeguttkommen. Dat ass awer nëmmen doduerjer méiglech, datt mer effektiv e Sekretariat hunn an der Chamber, wat wierklech ganz vill Aarbecht mécht, an ouni déi Aarbecht do wier dat wierklech net méiglech.

Wat mer jo hei änneren, sinn am Wesentlechen dräi Saachen, déi ech net méi brauch am Detail ze soen, well se erkläert sinn. Dat Éischt ass, datt mer aus zwou Petitiounen eng maachen, also déi ordinär an déi elektronesch, an datt een d'Ënnerschrëften och ka cumuléieren, datt mer awer d'Méiglechkeet vun enger Pabeierpetitioun och op fräiem Pabeier bäibehalen.

Zweetens, datt mer drop gehalen hunn, datt de Site vun der Chamber méi, loosse mer soen „userfrëndlech" gëtt a méi zougänglech gëtt och fir Leit mat Problemer, fir mat esou Instrumenter ze schaffen. Et war net kloer, ob een net misst dee ganze Site vun der Chamber nei maachen an iwwerschaffen eng Kéier oder ob elo emol deen Deel iwwert d'Petitioune soll gemaach ginn.

Eng Rei Saache si scho gemaach. Mä ech mengen, et soll een och net aus den Ae verléieren, fir dee ganze Site vun der Chamber eng Kéier wierklech esou schnell wéi méiglech ze iwwerschaffen a méi no un d'Bierger ze bréngen, wat eng ganz Rei Utilitairen och ugeet, déi een op deem Site net huet. Et ass ëmmer komesch, wann ee muss iwwer Google fueren, fir eppes op engem Site ze sichen, deen déi Fonctioun selwer net huet, déi mir als Deputéiert dann awer hunn op eisem interne Site.

An drëttens ass et esou, datt hei eng ganz Rei Modalitéite gekläert gi sinn opgrond vun den Erfahrungen iwwert d'Form, iwwert d'Kontroll, op déi ech elo net méi aginn.

Ech wollt zwee Punkten ervirsträichen, déi ech opgeworf hat, wou mer keng Léisung fonnt hunn. Also, bei enger ganzer Rei Saachen, déi ech opgeworf hunn, si mer eis och eens ginn, mä et sinn zwee Punkten, wou mer keng Léisung fonnt hunn.

Deen éischte Punkt, wou mer keng Léisung fonnt hunn, dat ass d'Relatioun zwëschen eenzelne Persounen, déi eng Petitioun maachen, an ONGen. Et ass ganz dacks esou, datt eng ONG oder eng Associatioun während Joren op engem Thema schafft a ganz aktiv ass, an da kënnt eng eenzel Persoun, déi zu deem Thema eng Petitioun mécht, déi da kann deckungsgläich si mat deem, wat déi ONG mécht, déi awer och ka liicht anescht sinn, wat net onbedéngt där ONG do dann hëlleft.

Mir hunn eis d'Fro gestallt, ech hunn d'Fro opgeworf, ob et net méiglech wier, fir ze kucken, wéi een déi kéint zesummebréngen: d'ONGen, déi op engem Thema aktiv sinn, mat deenen eenzelne Persounen. Mir haten eis iwwerluecht, ob ee soll en zousätzlechen Délai aféieren. Dat wollte mer awer och net, fir d'Saach net erauszezögeren. Ee vun deenen, déi déi Fro opgeworf hunn, ass de Manuel Huss op sengem Blog. Et ass eng berechtegt Fro.

Mir sinn awer zur Konklusioun komm, datt mer keen esou een zousätzlechen Délai sollen aféieren, mä datt mer de Moment géifen emol dobäi bleiwen, datt souwisou all ONG kann eng eenzel Persoun, déi eng Petitioun start, kontaktéieren, an dann, wa se sech wierklech eens ginn, fir en aneren Text ze maachen oder déi Petitioun gemeinsam ze lancéieren, da muss eben déi initial Petitioun zréckgezu ginn an dann eng nei Petitioun gemaach ginn. Dat ass nach e bëssen ëmständlech. Et ass sécherlech en Thema, op dat mer sécher sollen zréckkommen.

Deen zweete Punkt, deen ech opgeworf hunn, dee menger Meenung no nach net zur ganzer Satisfaktioun geléist ass, dat ass d'Roll vun der Chamber vis-à-vis vun der Regierung. D'Praxis vun der Petitiounskommissioun ass jo déi, datt se éischtens d'Recevabilitéit kuckt, zweetens Avisen ufreet bei der Regierung, bei de Fachkommissiounen, an drëttens da mediéiert mat de Pétitionnairen, fir ze soen: Gëtt dat do lech Satisfaktioun? Gëtt et lech keng Satisfaktioun?

Dat heescht, d'Petitiounskommissioun setzt sech eigentlech ganz wéineg mam Inhalt vun de Petitiounen auseneen. An Däitschland am Bundestag hu se eng aner Praxis. Do ass et esou, d'Petitiounskommissioun vum Bundestag, déi geet hin a se zitt eng eege Konklusioun aus enger Petitiounsdiskussioun a se geet mat där Konklusioun an de Bundestag, an d'Plénière mat enger Motioun. An dat ass eppes, wat mer eis iwwerluecht hunn. Ech mengen, d'Meenunge waren och net onbedéngt esou negativ dozou, mä mir hunn et net finaliséiert kritt.

Mir sinn eigentlech zur Konklusioun komm, datt och an eiser jëtzeger Reglementatioun all Deputéierten oder souguer d'Kommissioun als solch, d'Deputéiert zesumme kënnen esou eng Motioun an d'Chamber bréngen. An ech géif mech freeën, wa mer et géife fäerdegbréngen, fir zu eenzelne Motiounen (veuillez lire: zu eenzelne Petitiounen) heiansdo och an der Plénière dann eng Konklusioun ze zéien an net nëmme Bréifboîte ze sinn zwëschen der Regierung an de Pétitionnairen.

Zum Schluss wollt ech drop hiweisen, datt d'Petitioun, esou wéi se leeft, ee klengt Stéck ass vu méi Participatioun, eng Participatioun, déi mer eigentlech méi fundamental eng Kéier missten diskutéieren. Dozou gehéiert och den Zougang vun de Bierger zu den Informatioune vum Stat, wouriwwer mer jo eng Proposition de loi kréien, eng nei, déi, fäerten ech, leider net vill anescht ass wéi déi, déi mer haten, an déi eigentlech ganz anescht misst sinn.

Mä et misst een awer och kucken, ob d'Bierger net missten d'Méiglechkeet kréien, sech ze organiséieren, fir Gesetzesvirschléi ze maachen, an eng ganz Rei aner Moyenen, mat deenen ee méi wäit ka goen, wat d'Rechter an d'Participatioun vum Bierger ugeet. Ech ginn awer elo net dorobber an hei, well meng Zäit ofgelaf ass a well dat sécherlech eng Diskussioun ass, déi mer eng Kéier sollen am Fong féieren, iwwert d'Méiglechkeete vu méi Participatioun vum

■ L'actualité parlementaire sur **www.chd.lu**.

■ Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.

■ La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.

■ L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.

■ Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.

■ De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

**www.chd.lu**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

www.chd.lu

Bierger. An et ass sécherlech eppes, op dat mir oder meng Kolleege wäerte ganz gären zréckkommen.

Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Président.*- Merci fir d'Diskussioun iwwer eist amendéiert Petitiounsrecht. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert d'Ännerung vum Reglement, vun eisem eegene Reglement also.

***Vote sur l'ensemble de la proposition de modification 6690 du Règlement de la Chambre des Députés***

D'Ofstëmmung fänkt un. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

D'Ännerung vum Reglement 6690 ass eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Justin Turpel et Serge Urbany.*

## 11. Changement de composition d'une commission parlementaire

Kolleeginnen a Kolleegen, ier mer d'Sëtzung ofschléissen, wollt ech Iech nach eng Ännerung an enger Kommissioun virschloen, wéi se vun der Fraktioun vun deene Gréngе proposéiert ginn ass. Deemno soll d'Madame Viviane Loschetter den Här Claude Adam all Kéier fir de Punkt vun der Proposition de loi iwwert d'Organisatioun vum Service de Renseignement an der Commission des Institutions ersetzen.

Sidd Der domat d'accord?

***(Assentiment)***

Da soen ech Iech Merci. Ech ginn Iech Rendez-vous muer de Mëtten um zwou Auer.

Domat ass d'Sëtzung opgehuewen. Merci.

***(Fin de la séance publique à 17.21 heures)***

## Sommaire des séances publiques nos 22, 23 et 24


**22e séance**

Ouverture de la séance publique p. 327

Dépôt d'un rapport par M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État p. 327

Communications p. 327-328

Changement de composition d'une commission parlementaire p. 328

Ordre du jour p. 328

Dépôt d'une motion par M. Justin Turpel p. 328-329

Ordre du jour (suite) p. 329

Motion de M. Justin Turpel relative aux négociations de l'Eurogroup avec les représentants du Gouvernement de la Grèce p. 329

Heure de questions au Gouvernement

- Question n°81 du 23 février 2015 de M. André Bauler relative à la publication du PAG ainsi que du règlement sur les bâtisses sur les sites Internet des communes, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur p. 329

- Question n°82 du 24 février 2015 de M. Marc Spautz relative à la lutte contre le chômage, adressée à M. le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire p. 329-330

- Question n°83 du 24 février 2015 de M. Roger Negri relative à la stratégie du Ministère de la Famille et de l'Intégration quant à la mise en place de structures de logement encadré, CIPA et maisons de soins en fonction de l'évolution de la pyramide des âges des personnes habitant dans les établissements ci-devant ainsi que sur le contrôle de qualité respectif de l'encadrement et des soins donnés, adressée à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration p. 330

- Question n°84 du 24 février 2015 de M. Fernand Kartheiser relative à la publication des résultats des élections européennes, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État p. 330-331

- Question n°85 du 24 février 2015 de M. Claude Adam relative à l'opportunité de créer un site Internet regroupant l'offre en cours de langues, adressée à M. le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse p. 331

- Question n°86 du 24 février 2015 de Mme Martine Mergen relative à la couverture vaccinale, adressée à Mme la Ministre de la Santé p. 331

- Question n°87 du 24 février 2015 de Mme Taina Bofferding relative à la vente de titres de transport dans les autobus de la ligne 16, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 331-332

- Question n°88 du 24 février 2015 de M. Marco Schank relative à la réforme de l'Administration de l'Environnement, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement p. 332

Question élargie n°4 de M. Marcel Oberweis sur le «PIB du bien-être» p. 332-333

Changement de composition d'une commission parlementaire p. 333

6738 - Proposition de loi portant organisation d'un référendum national sur différentes questions en relation avec l'élaboration d'une nouvelle Constitution p. 333-343

Dépôt d'une proposition de loi par M. Claude Wiseler p. 336

6600 - Projet de loi relatif au réseau cyclable national et aux raccordements de ce réseau vers les réseaux cyclables communaux p. 343-348

**23e séance**

Ouverture de la séance publique p. 349

Communications p. 349-350

6781 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 23 octobre 2008 sur la nationalité luxembourgeoise et portant abrogation de la loi du 7 juin 1989 relative à la transposition des noms et prénoms des personnes qui acquièrent ou recouvrent la nationalité luxembourgeoise p. 350

Changement de composition d'une commission parlementaire p. 350

Ordre du jour p. 350

Heure de questions au Gouvernement

- Question n°89 du 9 mars 2015 de M. Gusty Graas relative à la carte de mobilité dite «mKaart», adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

- Question n°90 du 11 mars 2015 de M. Serge Wilmes relative au fonctionnement de la «mKaart», adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures

et

- Question écrite n°968 du 9 mars 2015 de Mme Claudia Dall'Agnol relative au fonctionnement de la «mKaart», adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 350-351

- Question n°91 du 11 mars 2015 de Mme Diane Adehm relative aux conclusions du sommet Benelux à Den Haag le 4 mars 2015, adressée à M. le Ministre des Finances p. 351

- Question n°92 du 11 mars 2015 de M. Roger Negri relative au déménagement de l'Université du Luxembourg, adressée à M. le Secrétaire d'État à l'Enseignement supérieur et à la Recherche p. 351

- Question n°93 du 11 mars 2015 de M. Fernand Kartheiser relative à l'inamovibilité des juges, adressée à M. le Ministre de la Justice p. 351-352

- Question n°94 du 11 mars 2015 de Mme Josée Lorsché relative aux mutilations génitales féminines, adressée à M. le Ministre de la Justice p. 352

- Question n°95 du 11 mars 2015 de Mme Martine Hansen relative à la désignation de nouvelles zones de protection spéciale (zones Natura 2000), adressée à Mme la Ministre de l'Environnement p. 352

- Question n°96 du 10 mars 2015 de M. André Bauler relative à la sécurité des usagers de trains, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 352

- Question n°97 du 11 mars 2015 de Mme Cécile Hemmen relative à la sécurité dans les transports publics, adressée à M. le Ministre du Développement durable et des Infrastructures p. 352-353

- Question n°98 du 11 mars 2015 de M. Franz Fayot relative à l'état d'avancement des travaux en vue de la création d'un Institut d'Histoire du Temps Présent, adressée à M. le Secrétaire d'État à l'Enseignement supérieur et à la Recherche p. 353

6677 - Projet de loi relative à l'application du principe de reconnaissance mutuelle aux décisions de probation et aux peines de substitution et modifiant, en vue de favoriser l'application du principe de reconnaissance mutuelle aux décisions rendues en l'absence de la personne concernée,

1) l'article 634 du Code d'instruction criminelle;

2) la loi du 23 février 2010 relative à l'application du principe de reconnaissance mutuelle aux sanctions pécuniaires;

3) la loi modifiée du 17 mars 2004 relative au mandat d'arrêt européen p. 353-354

6724 - Projet de loi portant approbation des amendements au texte et aux annexes autres que III et VII du Protocole à la Convention sur la pollution atmosphérique transfrontière à longue distance, de 1979, relatif aux métaux lourds, signé à Aarhus, le 24 juin 1998 p. 354-356

6735 - Projet de loi

- autorisant le Gouvernement à souscrire à l'augmentation sélective du capital social autorisé 2010 approuvée par la résolution numéro 612 du Conseil des Gouverneurs de la Banque internationale pour la reconstruction et le développement en date du 16 mars 2011,

- autorisant le Gouvernement à souscrire à l'augmentation générale du capital 2010 approuvée par la résolution numéro 613 du Conseil des Gouverneurs de la Banque internationale pour la reconstruction et le développement en date du 16 mars 2011 p. 356-357

**24e séance**

Ouverture de la séance publique p. 358

Communications p. 358

Changement de composition d'une commission parlementaire p. 358

Ordre du jour p. 358

Vœux de rétablissement p. 358

6695 - Projet de loi déterminant le régime des sanctions applicables en cas de violation des dispositions du règlement (UE) n°181/2011 du Parlement européen et du Conseil du 16 février 2011 concernant les droits des passagers dans le transport par autobus et autocar et modifiant le règlement (CE) n°2006/2004, et modifiant

1) les articles L.311-5 et L.311-6 du Code de la consommation,

2) l'article 7bis de la loi modifiée du 29 juin 2004 sur les transports publics p. 358-359

6770 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire p. 359-365

6750 - Projet de loi modifiant

a. la loi modifiée du 29 avril 1980 réglant l'activité en prestations de service, au Grand-Duché de Luxembourg, des avocats habilités à exercer leurs activités dans un autre État membre des Communautés européennes;

b. la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;

c. la loi modifiée du 13 novembre 2002 portant transposition en droit luxembourgeois de la directive 98/5/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 février 1998 visant à faciliter l'exercice permanent de la profession d'avocat dans un État membre autre que celui où la qualification a été acquise et portant

1. modification de la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat;

2. modification de la loi du 31 mai 1999 régissant la domiciliation des sociétés p. 365-366

6754 - Proposition de loi modifiant l'article 126 de la loi électorale modifiée du 18 février 2003 p. 366

6690 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à l'introduction d'un système de pétition publique p. 366-369

Changement de composition d'une commission parlementaire p. 369